piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2831 haten d'Ministeren Zuelen zur Entwécklung vun den Erspuernisser vun de Lëtzebuerger Awunner geliwwert a verweisen op Zuelen vum STATEC. Allerdéngs decken sech dës Zuelen net mat deene vum STATEC aus der *Note de conjoncture 2-24* (Säit 21). Speziell d'Zuelen vun 2022 bis 2024 decken sech guer net mat deenen aus der Äntwert vun de Ministeren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi kënnt dës Differenz zoustanen a wat sinn déi "richteg" Zuehlen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés